

Alaska – The Last Frontier

Den 21. Mee 1990 stinn ech mat mengem Brudder a mengem Papp um Fluchhafen zu Lëtzebuerg a sinn ongedëlleg. Kee vun eis schwätzt vill an eng Stonn méi spéit setzen ech am Fliger, dee mech op Amsterdam bréngt. Genee ëm véierel op eng, verléiert d'Boeing 747 vun der KLM de Buedem ënnert de Rieder; de laange Wee fir de Start ass ofgeschloss. Dem Fluchkapitän sengen Duerchsoen no sinn et 12 bis 13 Grad zu Anchorage, Alaska, dem Ufank vu menger Rees.

Zu Anchorage um Fluchhafe ginn ech mäi Gepäck sichen a pake mäi Vëlo aus der Transportkëscht; en hollännesche Pilot peekt mer eng Hand un a freet, wou ech dann domat wéilt hifueren. „From here to Mexico? I'm getting jealous!“, a wënscht mer vill Gléck.

Op der Douane ginn ech vun uewe bis ënnen bekuckt a nom Fligerbilljee fir zeréck gefrot, deen ech och dann eréischt wëll kafen. Am Prinzip ass eng Arees ouni Retourbilljee net méiglech an et gi mer vill Froen gestallt: Woufir Alaska? Firwat mam Vëlo? Hutt Der Famill oder Bekannter hei am Land? Wou schafft Der? Wéi vill Suen hu Der bei Iech? Wéi vill op Ärem Bankkonto an Europa? An esou weider. Et gëtt ëmgerechent, telefonéiert an iwweperluecht a no enger laanger Stonn dierf ech de Büro

vum *Immigration Office*, wou e ronnt Schëld viru mer un der Mauer hänt mam Sproch „We Are Proud Of Our Service“ endlech verloossen. Dobaussen, et si sechs Grad, klammen ech erliichtert op de Vëlo, froen nom Wee, a fuere fënnf Kilometer bis an den Zentrum vun der 230.000¹ Awunner grousser Stad.

D'Jugendherberg am Zentrum ass zou. Den Himmel ass bedeckt an de liichte Wand kal wéi Äis.

Ech stinn eleng mat mengem vollgeluedene Vëlo um Trottoir a froe mech, ob ech wierklech fuere soll, vun hei bis a Mexiko? Eng gewëssen Angscht iwwekënt mech, Angscht virun deem, wat op mech zoukënt oder esouguer Angscht, d'Frënn an d'Famill fir d'lescht gesinn ze hunn? Ee Gedanke jot deen aneren, an een Ablack laang denken ech drun, fir mam nächste Fliger nees heem ze fléien. D'Jugendherberg mécht ëm 17:00 Auer op.

Owes schwätzen ech net vill, ech wëll nëmmen nach meng Rou, a schlofen.

22. MEE

Ëm Mëtternuecht war et nach ëmmer hell, an de Moien ëm 06:00 Auer ass d'Sonn nees eraus, wäit a breet keng Wollek um Himmel. Ech huelen d'Landkaart vun Alaska eraus a bekucken se eng Stonn laang. Bis op d'Grenz vu Kanada sinn et 688 Kilometer; wann ech der honnert am Dag fueren, brauch ech just eng Woch bis a Kanada.

Fir op aner Gedanken ze kommen, ginn ech de Moien d'Stad kucken. An der Third Avenue stinn ech virum *James Cook Monument*, a liesen op enger Informatiounstafel, dass deen am Joer 1778 och d'Küste vun Alaska erfuerscht huet, an hei virun der spéiderer Stad Anchorage Anker geworf hat.

Méi wéi honnertdrësseg Joer duerno gouf duerch de Bau vun der Eisenbunn aus dem Chantier lues a lues eng Stad; no der grousser Drécheperiod vun 1934 hu sech d'*Farmer* aus de südliche Präriestaaten hei am noe *Matanuska*-Dall ugesidelt. Dësen Deel vun Alaska ass haut de landwirtschaftlechen Zentrum a Versuergungsgebitt vum 49. US-Bundesstaat. Wéi dunn och nach Ueleg fonnt ginn ass, an d'*Trans-Alaska Pipeline* gebaut gouf, ass d'Stad Anchorage zum Wirtschaftszentrum

vum ganze Staat ginn. D'Spure vum schwéieren Äerdbiewe vun 1964 sinn net z'iwwersinn: kleng, al Haiser nieft modernen Héichhaiser. E graffe Géigesaz och duerch déi entwuerzelt Kultur vum Land, deen am Zentrum vun der Stad net z'iwwersinn ass. Alkoholissem betrëfft haapt-sächlech d'Nokomme vun den éischten Awunner vun dësem Kontinent. Um Wee fir zeréck fällt mer op, dass d'Leit déi ech begéinen all mat „Hi!“ gréissen. Dat ass ganz ongewinnt fir mech. Ech sinn och deen Eenze-gen, dee Wantergezei unhuet an den eenzegen Typ, dee keng Tätowéie-rung un den Ärem oder un den Hänn huet. Et sinn ëm déi aacht Grad bei sonnigem Wieder; d'Leit ronderëm mech trëppelen an der kuerzer Box an am T-Shirt.

Zeréck an der Jugendherberg ginn ech gefrot ob ech eng Aarbecht sichen. Am Norde vun Alaska sicht en Trapper een, deen zwee Méint laang seng Schlittenhënn versuergt. Nach e puer mol ginn ech gefrot, ob ech eng Aarbecht sichen, natierlech ouni Aarbechtserlaabnes. D'Léin sinn anscheinend héich an 't ass net schwéier eppes ze fannen.

Muer de Moie geet et lass; den Owend maachen ech mäi Vëlo² prett. Haut war ech an e Supermarché Proviant kafen an um Enn si meng Vëlosposchen esou voll, dass ech kee Grond méi gesinn, fir déi kleng Schampesfläsch, déi all Gaascht am Flinger matkritt huet, matzehuelen a froen, ween se wëll hunn. En Typ dee sech Charly nennt, hëlt d'Fläsch mam Hals a gött mir d'Hand: „Where are you from?“ Lëtzebuerg. „Oh!“, mengt hien, „I was sure you were from Minnesota!“ Elo weess ech och, wéi d'Leit do drakucken.

23. MEE

Hannen um Vëlo si laanscht d'Säit zwou Poschen, mat ënner anerem mengem Gezei, Éischt-Hëllef-Këscht, Waasserfilter, Schlofsak, Zelt an Ersatzpneu um Gepäckdréier festgemaach. Laanscht dat viischt Rad hänken och zwou Posche mat Kachgeschir an Jessen dran. Um Gui-don dann hänkt d'Fotostäsch³ mat verschiddene Landkaarten a menge Pabeieren dran.

Et si fënnef Grad de Moien, an no e puer Kilometer hunn ech mech un dee schwéiere Vëlo gewinnt a stinn op eemol virun engem Stroosseschëld:



Granite Creek, um Glenn Highway hanner Palmer

„Pedestrians And Bicycles Prohibited“; viru mer läit eng sechsspuereg Autobunn. Op menger Landkaart ass a Richtung Glennallen awer nëmmen dës Strooss agezeechent, also fueren ech virun. E Policeauto fiert laanscht a wëll mech net gesinn. No zwanzeg Kilometer ass d'Autobunn eriwwer an déi puer Autoen, déi mer nach entgéintkommen, tuten a wénke mer alleguerten. Sou wéi en däischerbloer VW-Käfer mat argenteschem Nummereschëld. Iwwert dem Laanschtfuere mécht mer de Chauffeur eng Fauscht mat no uewen ausgestrecktem Daum. An der hënneschter Autofenster steet a grouse wäisse Buschtawen *Argentina-Alaska* geschriwwen.

Ech fueren duerch Palmer, duerch de *Matanuska*-Dall, laanscht Wisen, Felder an Dännebeem. Schnéi läit nëmmen nach ganz uewen an de Bierger, déi hei am Südoste vun Alaska, sou liesen ech op menger Landkaart, bis zu 6.000 Meter héich sinn.